FLASH 77 « AIDS » : VERSION LUXEMBOURGEOISE

Q1
Sexe : 1 Mann
2 Fra

Q2
Wéi al sid Dir w.e.g. ? ..... Joer
00 REFUS

SI MOINS DE 18 ANS STOP INTERVIEW

Q3
Wéi al wart Dir wéi Dir mat Ären ganzdeeglechen Studien opgehal hut ? .....Joer
00 REFUS
01 JAMAIS ETE A L'ECOLE PLEIN TEMPS
99 ENCORE A L'ECOLE PLEIN TEMPS

Q4
Wat as är aktuell Beschäftegung ?

PRECISEZ ET CODEZ

1: fermier, pêcheur
2: profession libérale (Dokter, Affekot, etc)
3: commerçant, artisan, Patron
4: cadre supérieur, Directeur
5: employé, cadre moyen
6: travailleur manuel
7: retraité, Pensionnéiert
8: Hausfra (OUNI BEZUELT BESCHÄFTEGUNG)
9: étudiant, (service militaire)
10: chômeur, zeitweilig ouni Aarbecht
11: autre
12: refus

Q5
Wat as Är Familjesituatioun ?

1 bestuet, virdrun nach nie an der Koppel geliewt
2 bestuet, virdrun an der Koppel geliewt
3 célibataire, nach nie an der Koppel geliewt

4 célibataire, schon an der Koppel geliewt
5 gescheed
6 getrennt
7 Wittmann/fra

Q6
Regioun :

Q7
Wéifill Leit wunnen an Ärer Gemeng ?

1: manner ewéi 2.500
2: 2.500 - 5.000
3: 5.000 - 10.000
4: 10.000 - 20.000
5: 20.000 - 50.000 (Esch/Alzette)
6: méi ewéi < plus de 50.000 (Luxembourg-Ville)

Kommen mir elo zu de Froen déi em d'Gesondheet gin. Des Emfro get gemach fir d'Europäesch Kommissioun.

Q8
Sid Dir der Meenung dass Dir éischter genuch oder éischter nët genuch informéiert sid iwer folgend Krankheeten ?

1 éischter genuch
2 éischter nët genuch
3 (NSP/SR)

a den Aids (SI NECESSAIRE : Acquired Immune Deficiency Syndrome)
b déi Krankheeten déi sexuell iwerdroen gin
c verschidde Formen vun Hepatite
d de Krieps
e d'kardio-vaskulär Krankheeten

Folgend Froen gin iwert den Aids an d'Moyen'en fir sech ze schützen.

Q9
Ärer Meenung no, kann een iwer folgend Weer den Aids kréien, jo, vielleicht oder nee ?

1 jo

2 vielleicht
3 nee
4 (NSP/SR)

LIRE – UNE SEULE REPONSE PAR ITEM

A andeem en eng Molzecht esst déi vun enger HIV-positiver Persoun oder enger Persoun mam Aids préparéiert gouf
B andeem en aus engem Glas drénkt dat vun enger HIV-positiver Persoun oder enger Persoun mam Aids benotzt gouf
C andeem en hei zu Lëtzebuerg am Moment eng Blutkonserv kritt
D andeem en hei zu Lëtzebuerg am Moment Blut spend
E andeem en enger HIV-positiver Persoun oder enger Persoun mam Aids e Kuss op de Mond gët
F andeem en eng Fellatio (ENQUETEUR : SI NECESSAIRE : D'Lutschen vum Partner séngem Penis) bei enger HIV-positiver Persoun oder enger Persoun mam Aids mecht
G andeem en Sprëtzen mat Drogenofhängeger deelt

Q10

Gleewt Dir, jo oder nee, un d'Wirksamkeet vu folgende Virsichtsmoossnahmen géint den Aids Virus (HIV) ?

1 jo
2 nee
3 (NSP/SR)

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

A d'Benotzung vu spermaofdéidende Produkter (spermicides)
B d'Benotzung vu Kondomer
C Partner eraussichen déi gesond ausgesin
D Partner eraussichen déi zum selweschten sozialen Milieu gehéieren wéi en selwer
E Dass béid Partner en Aids-Test machen éier sie fir d'éischt Geschlechtsverkéier hun
F sech dem Geschlechtsverkéier enthaalen
G vermeiden fir Sprëtzen zweschen Drogenofhängeger ze deelen

Q11

Hei as eng Lëscht vun Propositiounen iwer den Aids. Fir all Propositioun, kënnt Dir mir w.e.g. soen ob Dir éischter averstan sid oder éischter nët averstan sid ?

1 éischter averstan

2 éischter nët averstan
3 (NSP/SR)

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

A D'Leit schwätzen zevill iwer den Aids.
B Mir missten méi Informatiounen iwer den Aids kréien.
C Et gin zevill Suen ausgin fir d'Aids-Fuerschung. Et sollt en des Suen éischter ausgin fir d'Fuerschung iwer aner Krankheeten wéi de Krieps.
D Dir wärt nie den Aids kréien ; dat as e Problem den déi aner Leit betrefft.
E De Risiko fir mam Aids-Virus (HIV) infizéiert ze gin as bei den Homosexuellen oder den Drogenofhängegen méi grouss.

Q12
Ärer Meenung no, fir iwer den Aids informéiert ze gin, kann e folgende Organisatiounen trauen :

1 éischter averstan
2 éischter nët averstan
3 (NSP/SR)

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

A den Assoziatiounen déi an der Préventioun täteg sin
B den Doktoren
C de Fuerscher
D de Journalisten
E dem Gesondheetsministär
F den Europäeschen Instanzen
G de lokalen oder nationalen Instanzen

Q13
Dir selwer, fillt Dir Iech perséinlech betraff vun den Informatiounskampagnen déi hei zu Lëtzebuerg gemach gin iwer den Aids?

LIRE

1 guer nët
2 e bessen
3 vill
4 (ech wees näischt vun Informatiounskampagnen iwer dese Sujet)
5 (NSP/SR)

Q14
Ärer Meenung no, de Risiko fir hei zu Lëtzebuerg mam Aids infizéiert ze gin as deen....

LIRE

1 ganz nidereg
2 éischter nidereg
3 éischter grouss
4 ganz grouss
5 (NSP/SR)

Q15
Kennt Dir perséinlech eng Persoun aus Ärer Famill, Frënn oder Bekanntekrees den HIV-positiv as oder den Aids huet ?

LIRE

1 nee
2 jo, eng Persoun
3 jo, méi Persounen
4 (NSP/SR)

Q16
Fir de Problem vum Aids ze stoppen oder op mannst d'Entwécklung ze bremsen, kann en op verschidde Manéieren virgoen. Wéi eng Manéier huet vir Iech 1. Prioritéit ? Dann déi 2. an déi 3....

LIRE DE FACON ALEATOIRE – CLASSER PAR ORDRE D'IMPORTANCE

A Informatiounskampagnen iwer déi Formen vun Behuelen bei denen d'Leit sech engem Infektiounsrisiko mam Aids ausetzen
B sech méi ustrengen fir déi Leit déi HIV-positiv oder mam Aids infizéiert sin, ze identifizéieren
C di Aids-Krank behandeln an sech em sie kemmeren
D d'Finanzement vun der Fuerschung fir en Impfmëttel ze fannen

Q17
Hut Dir schon eppes vun den neien Aids-Traitementer héieren, wéi Trithérapies oder Antiprotéases (Proteasehemmer) ?
(ENQUETEUR SI NECESSAIRE : Trithérapies : Traitement dat op 3 Medikamenter baséiert. Antiprotéases : Medikamenter géint den Enzym den vum HIV genotzt get fir nei Kopien vum Virus ze machen nodeem de Virus sech multiplizéiert huet)

1 jo
2 nët secher
3 nee
4 (NSP/SR)

SI CODE 3 OU 4 ALLER A Q19

Q18
Hei as eng Lescht vun Meenungen zu denen neien Traitementer. Sot mir w.e.g. all Kéier op Dir éischter averstan oder éischter nët averstan sid.

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

1 éischter averstan
2 éischter nët averstan
3 (NSP/SR)

a mat den neien Traitementer as et méiglech den Aids définitiv ze heelen
b mat den neien Traitementer as et méiglech méi lang mam Aids-Virus (HIV) ze liewen
c mat den neien Traitementer gin déi HIV-Positiv den Aids-Virus (HIV) nët méi weider
d mat den neien Traitementer hun d'Leit allgemeng manner Angscht fir mam Aids-Virus (HIV) ugestach ze gin
e mat den neien Traitementer passen d'Leit allgemeng manner op d'Aids-Préventioun op
f mat den neien Traitementer missten d'Leit encouragéiert gin fir en Aids-Test ze machen nodeem sie sech engem Risiko ausgesat hun

Q19
Géift Dir soen dass Dir wéinst dem Aids Angscht hut fir ...

1 jo
2 nee
3 (NSP/SR)

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

A Blut ze spenden
B eng Blutkonserv ze kréien
C eng Piqûre ze kréien
D operéiert ze gin

Q20
D'Optauchen an d'Verbreedung vum Aids, huet dat bei Iech perséinlech folgend Sachen bewirkt ?

1 jo
2 nee
3 (NSP/SR)

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

A méi Stabilitéit bei der Wahl vun Ären Partner
B Virsichtsmoosnahmen huelen beim Geschlechtsverkéier
C verschidden Plazen (Quartier'en, Etablissementer) meiden
D verschidden Leit / Genre vu Leit meiden

Q21
Et kann en déi Leit déi HIV-positiv sin oder den Aids hun op verschidde Manéieren bezeechnen. Hei sin elo e puer vun dene Manéieren déi en heiansdo héiert wéi sie bezeechent gin. Sid Dir éischter averstan oder éischter nët averstan mat folgenden Aussoen ?

1 éischter averstan
2 éischter nët averstan
3 (NSP/SR)

LIRE – UNE REPONSE PAR ITEM

A eng HIV-positiv Persoun oder eng Persoun déi den Aids huet as eng Persoun déi an der Vergangenheet e wéinegt empfehlenswert sexuellt Behuelen hat
B eng HIV-positiv Persoun oder eng Persoun déi den Aids huet as eng Persoun der et un Hygiène oder Propretéit gefehlt huet bei der Benotzung vun Spretzen fir sech se drogéieren
C eng HIV-positiv Puéricultrice oder eng Puéricultrice déi den Aids huet kann sech weiderhin em Kanner an enger Crèche këmmeren
D en HIV-positiven Chirurg oder e Chirurg den den Aids huet kann weiderhin operéieren
E en HIV-positiven Kach oder e Kach den den Aids huet kann weiderhin Molzechten preparéieren
F eng HIV-positiv Persoun oder eng Persoun déi den Aids huet sollt säin Partner ëmmer warnen dass hien HIV-positiv as éier sie Geschlechtsverkéier hun, och wann dat mat engem Kondom as.

Vill homosexuell oder drogenofhängeg Persounen sin an Europa mam Aids-Virus (HIV) infizéiert gin. Mir wéilten elo Är Meenung zu desen Leit wessen.

Q22
Sid Dir mat folgenden Aussoen éischter averstan oder éischter nët averstan ?

1 éischter averstan
2 éischter nët averstan
3 (NSP/SR)

LIRE- UNE SEULE REPONSE PAR ITEM

A Homosexueller hun sexuell Gewunneschten denen et un Hygiène oder Propretéit fehlt
B Homosexualitéit as genau esou respectabel wéi Hétérosexualitéit
C eng homosexuell Koppel misst d'Recht hun fir Kanner grousszezéien
D et kann en engem Drogenofhängegen berufflech Verantwortung uvertrauen
E Et sollt en den Drogenofhängegen propper Sprëtzen zur Verfügung stellen
F Verschidden soft Drogen wéi Marijuana sollten erlabt gin

Mir erenneren Iech nach eng Kéier dass des Emfro sech un all Europäer adresséiert an als Ziel huet d'Aids-Preventioun an Europa ze verbesseren. Fir ofzeschléissen as et dofir wichteg Är affectiv an sexuell Situatioun ze kennen.

A TOUS

Q23
Liewt Dir am Moment an der Koppel ?

1 jo
2 nee

SI CODE 1 ALLER A LA Q25

Q24
Hat Dir schon eng Kéier Geschlechtsverkéier an Ärem Liewen ?

1 jo
2 nee
3 (REFUS)

SI CODE 2 OU 3 STOP INTERVIEW

UNIQUEMENT AUX FEMMES :
Q25

A am Laaf vun de läschten 5 Joer, wéi vill männlech Partner hat Dir do ?

.... Männlech Partner
99 REFUS /SR

B an wéi vill weiblech Partner ?

... weiblech Partner
99 REFUS /SR

UNIQUEMENT AUX HOMMES
Q26

A am Laaf vun de läschten 5 Joer, wéi vill weiblech Partner hat Dir do ?

.... weiblech Partner
100 REFUS /SR

B an wéi vill männlech Partner ?

... männlech Partner
100 REFUS /SR